## Maach mat!
## Mir ënnerstëtzen dech!

Engagéier dech a 4 verschiddene Beräicher an entdeck, wat an dir stécht, andeem s du souwuel deng Fäegkeete verbessers, Neies ausprobéiers, wéi och dech fir däi soziaalt Ëmfeld engagéiers.

Entscheet du selwer, wéi däi Programm soll ausgesinn.

Wann s du dech wëlls umellen, fënns du op eisem Internetsite weider Informatiounen, wou et de Mérite Jeunesse iwwerall gëtt (Lycéeën, Internater, Jugendorganisatiounen...). Et ass ëmmer een Tuteur fir dech do, deen dech duerch däi Parcours begleet!

Et geet drëm, an alle 4 Beräicher weiderzekommen an dat Schrëtt fir Schrëtt. Du brauchs net alles gläichzäiteg ze maachen. Et ass Ausdauer gefrot an du selwer decidéiers iwwert deng Aktivitéiten a wéi deng Zieler ausgesinn.

Et lount sech beim Mérite aktiv ze ginn. Engagéier dech a maach eppes fir deng Zukunft:

- du erliefs vill flott Momenter
- du begéins nei Leit
- du entdecks nei Aktivitéiten an Talenter, déi an dir stiechen
- du kriss een Zertifikat als Unerkennung wann s du däi Programm ofgeschloss hues
- du engagéiers dech an enger parascolairer Aktivitéit, déi dir an dengem CV a fir d'Liewen eppes bréng!

## All Niveau huet 4 Beräicher an deenen een aktiv muss ginn:

- **Fräiwëllegen Aarbecht**

  Engagéier dech an der Gesellschaft.

- **Talent**

  Erweider deng Kompetenzen, z. b. an der Konscht, Musek, Wëssenschaft, sozial Medien...

- **Sport**

  Maach eppes fir deng Gesondheet.

- **Expeditioun**

  Abenteuer an der Natur, egal ob ze Fouss, mam Vëlo, mam Kajak, ...

- **Projet résidentiel** (um Niveau Gold)

  Erlief d'Gruppendynamik, déi entsteet, wann een zesummen ee Projet realiséiert.

## Mell dech iwwer *merite.lgs.lu* a wiel ee vun den 3 Niveauën:

**Bronze**
Ab 14 Joer a Minimum
während 6 Méint aktiv sinn

**Sëlwer**
Ab 15 Joer a Minimum
während 12 Méint aktiv sinn

**Gold**
Ab 16 Joer a Minimum
während 18 Méint aktiv sinn

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg



## Mérite Jeunesse

Ee Programm fir all Jonken zu Lëtzebuerg. Beim Mérite Jeunesse ka jidderee matmaachen, deen tëschent 14-24 Joer al ass a Loscht huet, sech innerhalb vun engem flexibele Programm sech seng perséinlechen Ziler ze setzen an déi a sengem eegene Rhythmus z'erreechen.

D'Fonadatioun Mérite Jeunesse Lëtzebuerg gehéiert zur weltwäit unerkannten Organisatioun The Duke of Edinburgh's International Award, déi an iwwer 40 Länner aktiv ass.



Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Mérite Jeunesse G.-D. de Luxembourg



*du kanns méi wéi's du mengs*

# Maach däi Merite bei den LGS !


**Mérite Jeunesse Lëtzebuerg**
Ënnert dem Patronnage vun S.A.R. Grand-Duc Jean.
RCS G19

Forum Campus Geesseknäppchen
40, bd Pierre Dupong
L-1430 Luxembourg
T. 2604 - 2224
merite@youth.lu
www.merite.jeunesse.lu
www.intaward.org


Mérite Jeunesse G.-D. de Luxembourg

# Maach mat!

merite@lgs.lu